N°3196
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

D'Erënnerung un d'Evenementer an d'Affer vum Zweete Weltkrich, besonnesch un d'Shoah, ass e fundamentalen Deel vun eiser nationaler Verantwortung. Den 80. Joresdag vun der Liberatioun vum Konzentratiouns- a Vernichtungslager Auschwitz-Birkenau de 27. Januar 2025 war e Moment vu globaler Bedeitung. D'Zesummesetzung vun der offizieller Lëtzebuerger Delegatioun bei dëse Gedenkfeierlechkeeten ass vu grousser symbolescher Wichtegkeet, besonnesch a Relatioun zu deene ville benevollen Associatiounen, wéi de Comité Auschwitz, d'Asbl "Témoins de la Deuxième Guerre mondiale" oder MemoShoah, déi sech zanter Jore fir dës Erënnerungsaarbecht engagéieren.

An dësem Kontext spillt de "Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich" (ComMém 2GM) eng zentral Roll. Dëst Organ, dat dem Staatsministère ënnerstallt ass, huet d'Missioun, d'Gedenkpolitik ze koordinéieren a gëtt mat ëffentleche Mëttelen an duerch Personal aus dem Staatsdéngscht finanzéiert. Fir d'Transparenz an d'Nohaltegkeet vu sengen Aktiounen ze garantéieren, sinn eng reegelméisseg Berichterstattung iwwer seng Aktivitéiten a Finanze souwéi eng periodesch Erneierung vu senge Memberen, wéi an de Statute virgesinn, vu besonneschem ëffentlechen Interessi.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi war d'offiziell Lëtzebuerger Delegatioun bei de Gedenkfeierlechkeete fir den 80. Joresdag vun der Liberatioun vum Camp Auschwitz de 27. Januar 2025 genee zesummegesat?
2. Vu wiem an op Basis vu wéi enge Krittäre gouf d'Selektioun vun de Membere vun dëser Delegatioun gemaach?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Aus wéi enge Grënn goufen déi engagéiert Benevole vun Associatioune wéi dem Comité Auschwitz, "Témoins de la Deuxième Guerre mondiale" oder MemoShoah net an dës Delegatioun abezunn?
4. Veröffentlecht de ComMém 2GM e järleche "Rapport d'activité" an, falls jo, wou kann dësen agesi ginn?
5. Wéi gesäit déi detailléiert Opdeelung vum Budget vum ComMém 2GM aus a fir wéi eng Zwecker goufen dës Mëttele genee agesat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten